ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Minister fir Gesondheet weiderzeleeden.

D'Fuerschung un embryonale Stammzellen ass ethesch a moralesch ëmstridden. An deem Kontext géif ech gär folgend Froe stellen:

1. Gëtt zu Lëtzebuerg op enger vun de folgenden Institutioune Fuerschung un embryonalen Stammzelle bedriwwen: Universitéit Lëtzebuerg, Luxembourg Institute of Health, Luxembourg Centre for systems biomedicine (LCSB) oder op iergend enger anerer Plaz, inklusiv a private Firmen oder Institutiounen?
2. Wa jo, wat sinn déi rechtlech Reegelen, no deenen des Fuerschung zu Lëtzebuerg bedriwwe ka ginn?
3. Duerch wat fir e Kontrollorgan gëtt séchergestallt, datt dës Reegelen och agehale ginn?
4. Ginn zu Lëtzebuerg Embryoen oder embryonal Tissuen, déi z.B. aus enger Ofdreiwung oder enger PMA mat « embryons surnuméraires » stamen, stockéiert, beispillsweis a Kliniken oder an enger Biobank? Wéi eng Regelen gëlle fir esou Embryonen, respektiv embryonal Tissuen ?
5. Wat geschitt mat Embryonen oder embryonale Zellen déi hei am Land der Fuerschung zur Verfügung gestallt ginn ? Ginn déi zu iergend engem Moment zu engem Handelsobjekt, dat heescht dat si kënne kaaf oder verkaaf ginn ?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique